Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Question écrite n°5029

Utilisation du « GPS fencing » dans l'élevage bovin

Déposée par: *Graas Gusty, Emering Luc*
Adressée à: *Hansen Martine, Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture*
Déclarée recevable le: *27.10.2026*
Date limite de réponse: *26.11.2026*

„Der Zeitung „Lëtzebuerger Bauer“ no, analyséiert aktuell eng Etude ob een duerch sougenannten “GPS fencing” bei Kéi – also GPS Halsbänner – déi traditionell Dréit ronderëm d'Weed ersetze kéint. Obwuel et nach verschidde Froen zum Déierewuel gëtt, hu verschidde Länner dëse System schonn implementéiert. Kéi déi den autoriséierte Beräich verloosse kréie beim GPS fencing fir d'Éischt en akustescht Warnsignal, ier datt en elektreschen Impuls d'Kéi dovun ofhale soll sech weiderhin ausserhalb vum Perimeter ze beweegen.

Dës Method soll verschidde Virdeeler fir d'Haltung vun Notzdéieren hunn, beispillsweis kéint den Aarbechtsopwand reduzéiert ginn, d'Geforeberäicher kënne vermidde ginn an och d'Fiddere vun den Déiere kéint méi effizient gestallt ginn.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau follgend Froe stellen:

- Wei bewäert d'Madamm Ministesch d'Method vum „GPS fencing“ ?

- Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, datt akustesch Warnsignaler an elektresch Impulser mat den aktuellen Déiereschutzbestëmmungen zu Lëtzebuerg iwwereneestëmmen?

- Ass d'Madamm Ministesch der Meenung datt eis Gesetzgebung muss ugepasst gi fir dës Method kënnen hei am Land ze notzen?

- Ënner wéi enge Konditioune kéint de „GPS fencing“ zu Lëtzebuerg zougelooss ginn, a wéi eng weider Schrëtt plangt d'Ministesch an dësem Beräich?“

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°5029 vum 27. Oktober 2026 vun den éierewäerten Deputéierten Gusty Graas a Luc Emering

-Wei bewäert d'Madamm Ministesch d'Method vum „GPS fencing"?

GPS fencing bzw. Virtual fencing huet e gewësst Potential. Zu Lëtzebuerg gëtt dës Technologie aktuell nach net agesat. De Moment leeft eng Literaturrecherche zu dësem Thema, ergänzt duerch den Austausch mat Experten an d'Analys vu Projeten am Ausland.

Déi bis elo verfügbar Informatioune weisen, datt et eng Rei interessant Uwendungsberäicher gëtt. Besonnesch op gréissere Weedflächen ka Virtual fencing dozou bäidroen, d'Gestioun an d'Opdeelung vun de Weedparzellen ze vereinfachen, well d'Versetze vu physeschen Zénk innerhalb vun de Weedflächen soumadder entfält. Et ass kloer dass d'Aussegrenz vun esou Parzellen awer nach ëmmer ee physeschen Zonk muss sinn. Zousätzlech kéint dës Technologie eng interessant Méiglechkeet bidden, fir sensibel Biotopen oder aner wäertvoll Natur- a Landschaftselementer gezielt vun der Beweedung auszeschléissen.

Verschidden europäesch Länner sinn amgaangen dës Technologie am Kader vu Pilotprojeten ënner kloer definéierte Versuchskonditiounen ze testen. Déi entspriechend Projete ginn do enk vun de zoustännege Veterinärautoritéite begleet an iwwerwaacht. Hei steet virun allem och d'Déierewuel am Mëttelpunkt: d'Verhale vun de Ranner am Zesummenhang mat akustesche Warnsignaler an elektreschen Impulser (Lerneffekt) gëtt besonnesch ënnersicht. Ausserdeem muss gekläert ginn, wéi wäit esou Systemer mat de Bestëmmunge vun de nationalen an EU-Déiereschutzbestëmmungen kompatibel sinn. A villen EU-Memberstaaten ass „Virtual Fencing" aktuell nach verbueden a ka just am Kader vu Fuerschungsprojeten op Basis vun Ausnamegeneemegungen erlaabt ginn.

Wéi schonn erwäänt, beschränkt sech déi aktuell Approche zu Lëtzebuerg de Moment op eng Analys vun der internationaler Fachliteratur souwéi op den Austausch mat Experten, fir d'Potential, d'Limitten an d'méiglech Asazberäicher vun dëser Technologie objektiv ze evaluéieren an ze kucke wéi eng konkret Uwendunge Sënn fir Lëtzebuerg géingen erginn.

-Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, datt akustesch Warnsignaler an elektresch Impulser mat den aktuellen Déiereschutzbestëmmungen zu Lëtzebuerg iwwereneestëmmen?

D'Konformitéit vu "Virtual-Fencing"-Systemer mat de gëltegen Déiereschutzbestëmmungen ass op Basis vun hirer konkreter technescher Ausféierung souwéi vun de wëssenschaftlechen nogewisenen Konsequenze fir d'Wuelbefanne vun den Déieren ze beurteelen. Am Moment gëtt eng Literaturrecherche duerchgefouert, déi d'Resultater vun internationale Studien am Beräich

vum "Virtual Fencing" zesummeféiert. Dës Erkenntnisser ginn analyséiert a mat de gesetzleche Kaderen an den Erfarunge vun anere Länner verglach, fir hir Relevanz am Kontext vun der lëtzebuergescher Déiereschutzgesetzgebung ze evaluéieren. Dobäi steet d'Déierewuel am Mëttelpunkt.

-Ass d'Madamm Ministesch der Meenung datt eis Gesetzgebung muss ugepasst gi fir dës Method kënnen hei am Land ze notzen?

Et gëtt gepréift, ob am Kader vun engem zäitlech begrenzte Pilotprojet eng Ausnam kéint accordéiert ginn, dat ënner strenge Kontrollbedingungen an engem enke Suivi duerch d'ALVA. Dobäi steet den Impakt op d'Déierewuel souwéi d'Konformitéit mam Artikel 1 vum Déiereschutz vum 27. Juni 2018 am Mëttelpunkt.

-Ënner wéi enge Konditioune kéint de « GPS fencing » zu Lëtzebuerg zougelooss ginn, a wéi eng weider Schrëtt plangt d'Ministesch an dësem Beräich?

Aktuell leeft just ee Projet a Form vun enger Literaturrecherche hei am Land (Infoen ënnert https://agriculture.public.lu/de/innovation-und-forschung-projekte/virtual-fencing.html) wou sech an der Literatur déi verschidden Erkenntnisser fir déi eenzel Uwendungsberäicher a Systemer vum Virtual fencing ugekuckt gëtt. D'Acteure vun dësem Projet stinn a Kontakt matt auslännesche Fuerschungsgruppen an Experten. Dësen Exercice geschitt an enker Ofstëmmung matt eise Verwaltungen, ALVA an ASTA. Och déi rechtlech Viraussetzungen a Bestëmmungen, déi eenzel Länner am Kader vun der Geneemegung vun dëser Technologie oder hire Pilotprojeten en Place gesat hunn, ginn do ënnersicht. No dëser Literaturrecherche a jee no de gewonnen Erkenntnisser aus dem Austausch matt Experten a Visitte vun esou Projeten am Ausland, soll dann zesumme matt eise Verwaltungen ee Versuchsprotokoll fir e puer Pilotbetriber hei am Land opgebaut ginn. D'Envergure vun esou engem Versuch an d'Unzuel u Betriber déi an esou ee Projet agebonne wären, ass momentan nach onkloer. Et ass awer kloer dass dëse Versuch muss virop vun eisem Ministère geneemegt ginn an dass d'Anhale vun den Déiereschutzbestëmmungen absolut Prioritéit huet an esou ee Projet och just eng Geneemegung ka kréie wann d'Gesetz dat zouléisst. Virun 2028 wäert esou ee Projet net hei am Land ulafen, well mir eis déi néideg Zäit wëlle gi fir dat genau ze evaluéieren. D'Resultater an Erkenntnisser aus dem aktuelle Projet, wäerten um Enn vum Projet transparent um Landwirtschaftsportail kommunizéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 18. November 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau